**Administration communale de**
**D I P P A C H**

# Repas sur roues

De Service vum 'Repas sur Roues' funktionnéiert 7 Deeg op 7 (Weekender an Feierdeeg abegraff) a gëtt vum Restaurant-Pizzeria «Michelangelo» vu Schuller zoubereed an ausgeliwwert. Ausgeliwwert gëtt all Daag tëschent 11.30 an 12.00 Auer.

De Präis vum Menu ass 8,90.- € (eng Entrée oder eng Zopp mat engem variéierten Haaptplat). Den Dessert ass fakultativ an ka fir 2,50.- € matbestallt ginn.

All pensionnéierten, invaliden oder kranken Awunner aus der Gemeng Dippech kann de «Repas sur Roues» bestellen. Déi Leit déi un dësem Service interesséiert sinn mussen sech op der Gemeng mellen, dono kënnen d'Leit sech och direkt beim Restaurant-Pizzeria «Michelangelo» op der Telefonsnummer 37 88 20 oder 621 29 13 25 un oder ofmellen.

De Menu vun der ganzer Woch kritt Dir Donneschdes virdrun vum Liwwerant matgedeelt, wou Dir dann ären Choix fir déi nächst ganz Woch kënnt maachen. Wann Dir den Menu entgéint geholl hutt, muss Dir dem Liwwerant e Bong ënnerschreiwen an doropshin kritt Dir den «Repas sur Roues» vun der Gemeng verechent.

## Umeldeformular

| | |
|---|---|
| **Numm / Virnumm** | |
| **Adress** | |
| **Postcode / Uertschaft** | |
| **Geburtsdatum** | |
| **Telefon / Handy** | |

mellen mech un fir den «Repas sur Roues» kënnen ze kréien:

- ☐ ab dem ...................................... vir all Dag.
  (Datum)
- ☐ nëmmen verschidden Deeg: ............................................................................................................
- ☐ mat Dessert
- ☐ ouni Dessert

.........................................................., den ..................................

..................................................................
(Ënnerschrëft)

Den ausgefélltene Formular un d'Gemeng Dippech, BP 59, L-4901 Bascharage zeréck schécken.